ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Famiiljeminister weiderzeleeden.

Am Gesetz vum 29. August 2017 iwwert d'Kannerbetreiung ass festgehalen, wéi eng Konditiounen eng Crèche muss erfëllen, fir vun de Bonge fir ausserschoulesch Kannerbetreiung (chèque-service accueil) kënnen ze profitéieren. Des Konditioune sinn, ënnert anerem:

datt an enger Crèche mindestens eng Persoun muss am erzéieresche Beräich schaffen, déi de Niveau C1 am Lëtzebuergesche virweise kann.

datt an Angebot fir 40 Stonne Lëtzebuerger Sprooch pro Woch virgesinn ass.

datt d'Lëtzebuerger Sprooch an den alldeeglechen Aktivitéite benotzt gëtt an och an den üblechen Aktivitéite vun enger Crèche.

*(au moins une personne du service d'éducation et d'accueil maîtrise la langue luxembourgeoise à un niveau C1 du cadre européen commun de référence des langues, et au moins une personne du service d'éducation et d'accueil maîtrise la langue française à un niveau C1 du cadre européen commun de référence des langues. L'offre de chacune des deux langues doit être assurée pendant au moins 40 heures par semaine. La pratique des deux langues doit être garantie dans le contexte des activités journalières et faire partie intégrante des activités usuelles d'un service d'éducation et d'accueil).*

Vu datt vill Leit mech kontaktéiert hunn, fir sech ze beschwéieren, datt bei hirem Kand an der Crèche kee Lëtzebuergesch oder quasi kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an ech dat och, souguer vun engem Verantwortlechen aus enger Crèche bestätegt krut, wollt ech folgend Froe stellen:

1. Am Gesetz steet, datt all Crèche eng Betreiung vu mindestens 40 Stonnen d'Woch op Lëtzebuergesch muss garantéieren. Oft sinn a grousse Crèchë méi Gruppe vu Kanner. Ass also domat gemengt, datt all eenzel Grupp an der Crèche mindestens 40 Stonnen d'Woch op Lëtzebuergesch muss garantéiert kréien oder geet et duer, datt z.B. eng eenzeg Persoun an der ganzer Crèche ass, déi Lëtzebuergesch kann, an da fir all Stonn

bei en anere Grupp geet, an esou da pro Dag 8 verschidde Gruppe fir jeeweils eng Stonn gesäit?

2. Wéi vill Kanner hunn déi gréisste Crèchen am Land bei sech ugemellt? Wat ass den Duerchschnëtt pro Crèche? Wéi vill Persoune schaffen a grousse Crèchen an der Kannerbetreiung?

3. Ass den Här Minister der Meenung, datt eng eenzeg Persoun, déi Lëtzebuergesch schwätzt, duer geet, fir déi Ziler, déi am Gesetz formuléiert sinn, ze erreechen? Ass dëst och méiglech an enger grousser Crèche, wou z.b. 10 aner Persoune vum erzéieresche Beräich kee Lëtzebuergesch schwätzen?

4. Wéi vill Kontrollen, déi d'korrekt Benotze vun de Sproochen uginn, sinn an de Crèchen am Joer 2018 an am Joer 2019 gemaach ginn?

5. Si bei dëse Kontrolle Verstéiss géint d'Gesetz festgestallt ginn? Wann jo wéi vill an a wéi vill Crèchen? Wat fir Moossnamen huet de Ministère an deene Fäll ergraff?

6. All Crèche muss mindestens eng Persoun agestallt hunn, déi Lëtzebuergesch um Niveau C1 schwätzt. Gëtt dëst an engem Test kontrolléiert a mussen d'Crèchen en Zertifikat dozou un de Ministère liwweren?

7. Wéi vill Persoune schaffen am ganzen an der Kannerbetreiung an allen Crèchen, déi vum System vun de Bonge fir ausserschoulesch Kannerbetreiung (chèque-service accueil) profitéieren? Wéi vill vun deenen hu mindestens de Niveau C1 am Lëtzebuergeschen?

8. Wann Eltere feststellen, datt d'Crèche sech net un d'Gesetz iwwert d'Sproochen hält, wou kënnen si dat melle beim Ministère? Wei vill Reklamatiounen an deem Sënn sinn 2018 an 2019 un de Ministère erubruecht ginn?

9. Wéi verfiert de Ministère bei esou enger Reklamatioun?

10. Huet de Ministère Informatiounen doriwwer, ob déi Kanner, déi mat 3 oder 4 Joer mat der Crèche fäerdeg sinn, an an d'Fréierzéiung (Precoce) oder an d'Spillschoul wiesselen, a vun doheem aus kee Lëtzebuergesch kënnen, Lëtzebuergesch an de Crèchë geléiert hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten